Service National de la Jeunesse

# FAQ Covid-19

Chalet Larochette

Version du .07.2021

## Basis vun dësem FAQ

Dëst Dokument hält di konkret Emsetzung vun de Mesuren am Zenter fest. Als Basis gëllen Mesuren di am  sänitäre Konzept fir parascolaire Aktivitéiten vum SNJ vum 15.07.2021 festgehale sinn. All Grupperesponsabel ass selwer verantwortlech sech wärend sengem Openthalt un déi aktuell an zoutreffend Recommandatioune vum Ministère de la Santé ze halen.

Den SNJ kann net verantwortlech gemaach ginn falls ee Grupp sech net un déi sanitär Mesuren hält.

## Inhalter


1. Wéini muss een eng Mask unhunn? .......... 2
2. Wou kann ee sech seng Hänn desinfizéieren/wäschen? .......... 2
3. Ginn et Restriktiounen bei der Zirkulatioun um Site? .......... 2
4. Wat gëllt fir d'Kichen? .......... 2
5. Wéi gëtt d'Botzen vum Zenter organiséiert? .......... 2
6. Wat gëllt fir d' Reuniounssäll ? .......... 2
7. Wat gëllt fir d'Sanitären? .......... 2

## 1. Wéini muss een eng Mask unhunn?

- Et gëllt eng generell Maske Pflicht innerhalb vun de Gebäier.
- Camp a Kolonien di ënnert dem Covid-Check-Régime funktionéieren mussen keng Mask a keng Distanzregel an hierem Grupp anhalen

## 2. Wou kann ee sech seng Hänn desinfizéieren/wäschen?

- An der Entrée vum Chalet steet e Spender mat Désinfectant.

## 3. Ginn et Restriktiounen bei der Zirkulatioun um Site?

- Et gi keng allgemeng Restriktioune fir d 'Zirkulatioun.

## 4. Wat gëllt fir d'Kichen?

- An der Kichen, beim Kachen a bei der Iessensausgab gëllt Maskepflicht.
- Benotzte Kichematerial, Iessbesteck a.s.w. mussen an der Spullmaschinn oder mat waarmem Waasser a Spullmëttel gespullt ginn.
- D'Aarbechtsplacken an der Kiche mussen no Benotzung desinfizéiert ginn.
- Iesswueren am Frigo mussen zou verpaakt gelagert ginn.
- Beim Iessen dierfe maximal 4 Leit pro Dësch sëtzen ausser Covid-Check-Régime.

## 5. Wéi gëtt d'Botzen vum Zenter organiséiert?

- Dee ganze Chalet gëtt virun an no all Locatioun vun enger Botzfirma gebotzt.
- De Locataire soll während sengem Openthalt regelméisseg d'Points de contact (Klenschen etc.) mat Desinfectant ofmaachen.
- Botzproduiten, Desinfectant a Material fir ze botze stinn um Rdc am grousse Sall am Botzschaf zur Verfügung.

## 6. Wat gëllt fir d' Reuniounssäll ?

- Et passe maximal **30 Still** ënnert anhalen vun 2m Distanz an de grousse Sall.
- Material dat benotzt gëtt muss virun an no all Benotzung desinfizéiert ginn. Produit steet dofir zur Verfügung.

## 7. Wat gëllt fir d'Sanitären?

- Sèche-mains sinn ausgeschalt an dierfen net benotzt ginn. Fir seng Hänn ofzedréchne steet Pabeier zur Verfügung.